**LËTZEBUERG ERAUS AUS DER WHO**

**Petitioun n° 2856**

**Oppene Bréif - Debat publique 28.02.2024**

Dir Dammen an Dir Hären,

Deputéiert, Kommissiounsmemberen, a Minister,

Léif Lëtzebuerger,

Dësen „oppene Bréif“ adresséiert sech u jiddereen, deen un dëser Petitioun an dësem Debat interesséiert ass.

Ech soe fir d'alleréischt deene 4.733 Matbierger Merci, datt si de Courage haten dës Petitioun ze ënnerschreiwen a si hunn domat bewisen anscheinend besser informéiert ze sinn ewéi d'Majoritéit vun de Leit.

Ech schwätzen och hei, hoffen ech, an Ärer aller Numm, an net just fir mech perséinlech.

Firwat ech dëse Wee wielen, fir MÄIN DEBAT ze halen, amplaz mech fir 10.00 Auer „live“ an d'Chamber ze verplazen, erklären ech Iech elo.

Dësen „oppene Bréif“ geet un all Medienanstalt am Lëtzebuerger Land (och op Franséisch) an natierlech un éischter Stell un d'Chamber, wou ech hoffen, datt e „live“ am Chamber TV virgedroe gëtt, an datt d'Press weist, datt si „transparent an neutral“ ass, an en och veröffentlecht. Als „oppene Bréif“, ouni Pefferkär.

Fir d'éischt de Werdegang. Ech hunn dës Petitioun agereecht, no laangen Diskussioune mat auslänneschen an internationalen onofhängege Juristen a Journalisten, well mer der Meenung waren, dëst wier eng gutt Alternativ, datt déi breet Ëffentlechkeet och doriwwer gewuer gëtt an emol hannerfreet a well och duerno an der ganzer Walkampagn kee vun der WHO geschwat huet.

Leider ass iwwer all nei lancéiert Petitioun geschwat ginn, just déi hei ass ënner den Teppech gekiert ginn. Héchstens mat engem Wuert ganz ënnen am Text erwänt.

Dofir ass et ëm esou luewenswäert, datt mir awer, ouni vill Reklamm an Tamtam dobaussen d'Schwell vu 4.500 gepackt hunn.

Wéi ech dës Petitioun agereecht hunn, war laang virun de Parlamentswalen an ech hat wierklech geduecht, Lëtzebuerg géif deen Dag anescht handelen a mir kréichen e ganz anert Resultat. Soit. Wéi sot de Winston Churchill: Dat bescht Argument géint d'Demokratie ass e 5 Minutte-Gespréich mat engem Duerchschnëttswieler!

Leider ass meng Petitioun jo och esou laang opgehale ginn, bis d'Wale laanscht waren an ass eréischt duerno online gaangen.

Gutt. Iergendwann war se dann dunn duerch, an d'Chamber huet mer 4.733 Ënnerschrëfte bestätegt. Eng Lëscht vun den Ënnerschrëfte kréien ech als Petitionnaire aus Dateschutzgrënn net. Wiem seng Petitioun ass et zu gudder Lescht? Meng oder hir?

Da kréien ech iergendwann eng „Convocation" fir mäin eegenen Debat.

Léif Deputéiert, Kommissiounsmemberen, Minister, et ass MENG Petitioun, et ass, sou vermëttelt der et no baussen, MÄIN Debat, ech hätt gär eng Invitatioun, keng Convocatioun!

Ech muss hei och betounen, datt et vun Ufank un ni mäin Zil war dëst mat Leit ze debattéieren, déi eng Agenda hunn, déi weltwäit vun 1% a senge Marionetten duerchgezu gëtt. Datt et keen „Debat" ass, hutt Dir well verstanen.

Dir Herrschafte sidd eis Vertrieder, méi oder manner demokratesch gewielt vum Vollek, fir eis ze vertrieden, bei beschtem Wëssen a Gewëssen, an net fir eis vun uewen erof ze behandelen an hannert eisem Réck Entscheedungen ze treffen, déi eis aller Fräiheet an individuell Souverainitéit betreffen.

Ech weess net, ob Dir héichstudéiert Leit dat wësst, mee dat Wuert Minister kënnt aus dem Laténgesche vu ministrare ‚dienen' a bedeit näischt anescht wéi Diener.

Weider steet an der **Lëtzebuerger Verfaassung am Artikel 3**:

« La souveraineté réside dans la Nation dont émanent les pouvoirs de l'État. »

Ech kréien dann awer gesot, Dir hutt 10 Minutte fir ze schwätzen! A wann der 5 Leit matbréngt, da sinn dat 5 x 2 Minutten an et 5 x 10! Duerno däerfen de Minister, an déi aner schwätzen a Froe stellen, ewéi wann de Petitionnaire ugeklot wier a sech veräntwerte misst, an da kritt een nach grosszügeg 5 Minutte Schlusswuert, de Minister och, an da léif Matbierger, da flitt een eraus, well debattéiert gëtt schlussendlech hannert zouenen Dieren an eiser transparenter Demokratie. D'Äntwert, wat se mat der Petitioun maachen, kënnt da schrëftlech...

Ech sinn och net de Prof. Montagnier, deem se soten : « Je vous donne la parole, et je vous la reprends. » Dier hutt mir de Mond net ze verbidden an och net ze soen, wéini ech wat, wéi laang soen däerf.

Ass dat e fairen Debat?                    1 géint 30?

Den Dossier iwwer d'WHO ass esou komplex, datt definitif 10 Minutten bei Wäitem net duerginn. Dat wäert Dir hei elo och mierken. Ausserdeem wat ass dat fir en Debat, deen op 10-Minutte-Chrono leeft?

Wann ech wierklech eppes mat enger Persoun diskutéiere wëll, da setzen ech mech op e ronnen Dësch an huele mer déi Zäit déi néideg ass, fir all Punkten ze duerchliichten. Dat ass Augenwischerei, de klengen, domme Bierger aus dem Pöbel kritt en Hauch vu Wichtegkeet virgegaukelt, e kéint sech bei der Chamber Gehéier verschafen...

10 Minutte laang. Wat eng Éier. An en dierf net emol beim Resultat dobäi sinn, wa si decidéieren d'Petitioun an den Tirang ze leeën. Wéi all Petitioun.

Esou vill zu eisen Diener, déi eis un eng WHO verroden a verkafen, a wéi et hanner dem Riddo ofleeft.

Déi deemoleg zoustänneg Ministesch huet sech jo en plus elo flott aus der Affär gezunn, a gouf ersat vun enger Persoun, déi net zur Wiel stoung an domat net demokratesch gewielt ass.

**Komme mer zum wierklechen Theema.**

D'WHO an hir Memberstaate verhandelen zanter 2022 un Ännerungen un den Internationale Gesondheetsvirschréften. Vill vun dësen Ännerunge goufe vun op d'mannst 94 Natioune virgeschloen, vill och vun der EU (zemools den digitalen Impfpass). Vill vun dëse probéieren d'WHO fir hir eege Virdeeler ze benotzen.

Et sinn der schonn ugeholl ginn, ouni datt vill Leit et matkruten an dat war d'Virlag fir wat elo nach komme soll. Wéi sot de Jean-Claude Juncker: Mir stellen eppes an de Raum a wa keen eppes seet, da maache mer weider!

Well och do alles ganz transparent a geheime Sëtzungen diskutéiert gëtt, wësse mer nëmmen dat wat duerchsickert an dat ass bedenklech genuch!

All Natioune schaffe komescherweis un engem „**Pandemiegesetz**"… Lëtzebuerg och … och do wësse mer net ëm wat et geet, an och do hunn d'Parteien dofir gestëmmt. Den Terrain gëtt virbereet, fir enger WHO d'Muecht ze iwwerdroen, am Fall vun enger sougenannter Pandemie, d'Souverainitéit vun de Memberstaaten ze iwwerhuelen.

De 5. Juli d'lescht Joer stoung nach am Wort, datt d'Paulette Lenert e Pandemiegesetz nach virun Enn vun der Legislaturperiod virleeë wollt. Et soll d'Rumm fir de Krisemanagement bei zukünftege Pandemie sinn. Aha, eis Politiker gesinn an d'Zukunft. De Virentworf géif stoen, awer et géif een nach d'Empfeelunge vum Gesondheetssécherungskomittee vun der EU ofwaarden, fir dës „an den Text afléissen ze loossen". Lëtzebuerg ass längst net méi souverän, an nach eng weider demokratesch ongewielt Persoun, d'Ursula Von der Leyen, bestëmmt wat leeft.

Déi Lëtzebuerger Verfaassung gouf jo och scho preparéiert andeem am **Artikel 5** de Begrëff „temporär" erausgeholl gouf:

„Le Grand-Duché de Luxembourg participe à l'intégration européenne. L'exercice de pouvoirs de l'État peut être transféré à l'Union européenne et à des institutions internationales par une loi adoptée dans les conditions de l'article 131, alinéa 2, de la Constitution. »

D'Souverainitéit geet vum Vollek aus. Wéini gëtt d'Vollek bei esou ëmfangräichen Ännerungen an Agrëffer a seng Fräiheet a Souverainitéit gefrot? Oder iwwerhaapt fir unzefänken emol driwwer informéiert?

Den Här Keup hat jo op der ADR Versammlung gemengt, si wieren dofir, datt d'Länner eng gewësse Souverainitéit géife behalen. Ass dat wéi e bësse bestuet oder e bësse schwanger?

D'WHO huet bis elo a Saache Gesondheet, Epidemien, Seuchen... Empfeelunge gemaach. Dofir ass se jo och do an dat wier och weiderhi gutt esou.

Elo soll an den Ännerungen am **Artikel 18** dee Begrëff „**net verbindlech**" (non-binding) gestrach ginn, esou datt d'Empfeelungen ënner internationalem Recht verbindlech ginn. Sinn et dann nach „Empfeelungen"?

An hirem **Artikel 21 + 22** steet dann och, datt de Moment vun enger „Kris" d'WHO däerf Virschrëfte maachen.

Déi national an individuell Souverainitéit ass fort an a Gefor !

Dat heescht am Kloertext, si däerfe wéi virun e puer Joer Lockdownen ausruffen, Maskeflichten aféieren, verdächteg Persounen a Quarantän setzen, medizinesch Untersuchungen unuerdnen, en Impfpass oder eng Impfflicht aféieren, verdächteg Persounen ënner Beobachtung setzen, Mënsche kënnen isoléiert ginn, Behandlungen u betraffene/verdächtege Persoune kënnen ugeuerdent ginn, Contact tracing kenne mer nach, verdächtege Persoune kann den Zoutrëtt zu gewësse Plaze verbuede ginn, asw... awer ganz ouni Drock?!?

**Wat ass eigentlech e Lockdown?**

Dee Begrëff kënnt aus dem Prisongswiesen. Et gëtt alles ofgerigelt, heescht dat. All Dieren an Ausgäng ginn zougemaach. En hëlt am Prinzip sämtlech Grondrechter ewech. Komescherweis gouf dee Begrëff an déi Mossnam nach bis virun 2020 vun der WHO als „**gesondheetschiedegend**" agestuuft?!?

E Lockdown verstéisst géint d'Universell Erklärung vun de Mënscherechter:

**Artikel 9**: All Staat huet zwar d'Recht, Persounen festzehuelen, ze verhaften oder auszeweisen. E verstéisst awer géint d'Mënscherechter wann en dobäi wëllküerlech virgeet, d.h. net am Aklang mat de Gesetzer oder wann dës Gesetzer selwer ongerecht sinn.

**Wat ass eng verdächteg Persoun?**

Alles, wat d'WHO dee Moment definéiert. E Mënsch, ouni Symptomer, déi duerch onvertrauenswürdeg PCR-Tester oder änlechem, déi esou konzipéiert sinn, datt se bei all Mikrodrëps positiv uweisen, als Gefor fir anerer bezeechent gëtt!

Oder e Mënsch, deen eng Behandlung oder eng Sprëtz refuséiert!

Et geet ganz kloer géint den **Nürnberger Kodex**, datt wa Medikamenter nach an der Testphas sinn, dës Mënschen ze ginn, a se och nach ze beléien, si wiere sécher an Drock ze maachen, fir hir Fräiheeten erëmzekréien! Och Experimenter si verbueden.

Am **Artikel 8** vun hirem Vertrag wëlle se elo nei Behandlungen a Medikamenter nach méi séier kënnen zouloossen!

Déi meescht hunn d'Sprëtz geholl, net well se Angscht haten ze stierwen, mee well se erëm an de Restaurant oder an d'Vakanz wollten! Ass dat normal?

**My Body, My Choice!** - Gëlt dat just selektiv?

D'Mme Deprez sot dëslescht, et gouf kee psychologeschen Drock ausgeüübt.

Souzt Dir déi Zäit am Prisong ? Well do hate se méi Fräiheeten, si konnten d'Sprëtz nämlech verweigeren. Et konnt jo kee se erausgeheien, oder?

**Neien Artikel 13a**: D'Memberstaaten ënnerhuelen alles fir d'Empfeelunge vun der WHO ze befollegen an erkennen d'WHO net méi als Organisatioun un ënner Kontroll vun de Länner, mee als Koordinatiouns-Autoritéit!

**Artikel 15 + 16**: Jiddereen an alles kënnt ënner d'Kontroll vun der WHO, wann den Direkter eng **„gesondheetlech Noutlag vun internationalem Interessi“** ausrifft.

D'WHO ka Personal an anere Länner asetzen.

2021 hunn 53 Länner eng Enquête gefrot beim Här wéinst sexuellem Mëssbrauch vu senge WHO Mataarbechter wärend Missioune bei der Ebola-Kris am Kongo. Laut enger Enquête vun The New Humanitarian (TNH) an der Thomson Reuters Foundation hunn 22 kongoleesesch Frae sexuelle Mëssbrauch ugeklot, vu Vergewaltegunge bis ongewollt Schwangerschaften. En änleche Fall gouf et 2019 vun 51 Fraen am Kongo, hei waren zwee Dokteren am Spill, déi awer a gudder Relatioun mam Direkter stoungen. Eng intern Quell sot awer, datt déi zwee Dokteren dëst ofgestridden hunn, an datt et eng Kultur vu Stroffräiheet fir Mëssbrauch a sexuell Belästegung bei der WHO gëtt. Et geet anscheinend duer e Kolleeg vum Tedros ze sinn, fir d'Affär ënner den Teppech ze kieren, awer déi ze bestrofen, déi driwwer geschwat hunn.

D'WHO huet d'Autoritéit iwwer d'Grenzen eraus.

D'WHO deet d'Memberstaate Moossnamen duerchsetzen ewéi Testflichten, Maskeflichten, Impfungen, Quarantänen ….

Dësen Artikel verstéisst géint Artikel 12 vun der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter:

*Keen däerf willkürlech Agrëffer a säi Privatliewen, seng Famill, seng Wunneng a säi Schrëftverkéier oder Beanträchtegunge vu senger Éier a sengem Ruff ausgesat ginn. Jiddereen huet Usproch op rechtleche Schutz géint esou Agrëff oder Beanträchtegungen.*

Ausserdeem géint Artikel 13 vun der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter: *Jiddereen huet d'Recht all Land, inklusiv säin eegent ze verloossen an a säi Land zeréckzekommen.*

Zum Theema **Quarantänen, Isolatiounen, Verbuet vu Betriede vu gewësse Plaze** fir gewësse Persounen oder eng Unzuel u Persounen.

Dëst verstéisst géint den Artikel 20 vun der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter: *All Mënschen hunn d'Recht sech friddlech ze versammelen an zu Vereneegungen zesummenzeschléissen*.

Zum Punkt, **verdächtege Persounen den Zougang zu gewësse Plazen ze verbidden**, verstéisst géint Artikel 21 vun der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter: *Jiddereen huet d'Recht op gläichen Zougang zu ëffentlechen Ämter a sengem Land*.

Zum Punkt **Lockdown an der bekannter 2G Reegel**, verstéisst géint Artikel 23 vun der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter: *All Mënsch huet d'Recht op Aarbecht.*

Zum Punkt, mir maachen d'Schoulen zou oder d'Kand muss a Quarantän/Isolatioun, verstéisst géint Artikel 26 vun der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter: *De Grondschoulunterrecht ass obligatoresch!*

Leit aus 196 Natiounen ännere Reegelen, fir datt e Grupp vu Leit, wéi d'WHO d'Erlabnes kritt, jidderengem ze soen, wat en ze maachen an ze loossen huet. Am **Artikel 2** wëll Indien, datt d'WHO weider de Leit Angscht maache kann, och wann et guer näischt ze fäerte gëtt.

**Zum Begrëff Pandemie, dee jo och vun der WHO ofgeännert gouf!**

Zanter 2005 kann **all neie Virus** zur Pandemie erkläert ginn, well d'Definitioun esou geännert gouf. D'WHO definéiert eng Pandemie als eng Situatioun, an där déi ganz Weltbevëlkerung **potenziell** engem Erreeger ausgesat ass an de Risiko besteet, datt «en Deel vun hinne krank gëtt».

D'Allgemengbevëlkerung versteet ënner enger Pandemie awer eppes anescht, nämlech, datt vill Mënsche stierwen. Dat nennt ee **babylonesch Sproocheverwirrung**.

Ausser der spuenescher Gripp 1918, der asiatescher Gripp 1957 an der Vullegripp 1968 gouf et just nach Ebola am 20. Joerhonnert. Déi éischt zwou haten zesumme manner Affer wéi all Joer Mënschen un Tuberkulos stierwen.

D'Doudesfäll vu Covid-19 erreechen nimools d'Zuele vun de Kriibsdoudegen an den Häerz-Kreeslaf-Doudegen a bleiwen **irrelevant** a Länner mat niddregem Akommes vis-à-vis vun einheimeschen Infektiounskrankheete wéi Tuberkulos, Malaria an HIV-Aids.

**Mir schlofwandelen an eng Katastrof!**

Den **Direkter vun der WHO** ass net demokratesch gewielt, kann net zur Rechenschaft gezu ginn, bezilt keng Steieren, a genéisst Immunitéit.

An deen Direkter soll all Muecht iwwer eis kréien?

Hien ass deen éischte WHO Direkter, dee keen Dokter ass! Awer wéi ee Gesondheetsminister ass schonn Dokter?

E gouf vun der Bill & Melinda Gates Foundation nominéiert.

En ass Member vun der Äthiopescher Kommunistescher Revolutionärer Partei: Volleksbefreiungsfront vun Tigray (TPLF).

TPLF ass en deklaréierte Feind vun Amhara.

TPLF ass als terroristesch Organisatioun geläscht.

Hie war äthiopesche Gesondheetsminister vun 2005-2012, huet Amhara Hëllef a Liewensmëttel refuséiert, huet den Amhara Kanner Gesondheetsfleeg refuséiert, 2 Millioune Leit sinn aus Bevëlkerungszentere verschwonnen (laut der Human Rights Watch 2010).

Hien huet Epidemien an Äthiopie verdeckt.

Cholera Ausbréch an Ostafrika hunn Dausende Leit infizéiert a sech duerch ganz Äthiopie gezunn. Hien huet einfach d'Cholera ëmbenannt als AWD (Akute wässeregen Duerchfall) ganz am Géigesaz zu Tester an Analysë vun der UN. Hie gouf applaudéiert fir d'Cholera aus Äthiopien erausgehalen ze hunn!

Als Äthiopeschen Ausseminister vun 2012-2017 huet hien haart géint auslännesch an national Journalisten a Regimekritiker duerchgegraff. Hien huet Journalisten a politesch Gefaangener an den Exil geschéckt, wou hien Tortur, Vergewaltegungen iwwersinn a Medikamenter refuséiert huet.

2016 huet hien 1.000e Quadratmeter Land konfisquéiert, fir de Leit e Gefalen ze maachen, well Infrastrukture gefeelt hunn. Protester hunn zu iwwer 70.000 Massenerschéissunge gefouert.

**Vertraut Dir esou engem Mann eis Gesondheet, Fräiheet a Rechter un?**

Mir erënneren hei un den Artikel 30 vun der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter: *Déi lescht Bestëmmung verbitt Mënscherechter mëssbräuchlech auszeüben. Esou däerfe Staaten net gewësse Bestëmmung vun der Erklärung erunzéien, fir domat an aner Mënscherechter anzegräifen*.

Grondrechter si Grondrechter an dierfen net ageschränkt ginn, soss wieren et keng Grondrechter!

**Komme mer zur Meenungsfräiheet!**

**Artikel 18**: Meenungsfräiheet gëtt reduzéiert fir dem Vollek keng Alternativ ze bidden (Annex 1. Art. 5e géint Falschinformatiounen an Desinformatiounen).

D'WHO a ganz kloer d'EU wëlle géint Falsch- an Desinformatioun virgoen. D'Von der Leyen huet dat nach d'lescht ganz kloer gesot, datt virum Krich a virun de Konflikter virun allem de Kampf géint Falsch- an Desinformatioun géif stoen!

Och den Här Frieden huet schonn ugekënnegt, de Beruff vum Journalist nei ze reegelen.

Dëst geet ganz kloer géint d'Universell Erklärung vun de Mënscherechter.

Wann dat duerchgeet, däerf ech Riede wéi déi hei, d'nächst Joer net méi halen, a wäert och nach mat Strofe rechne mussen.

Och dësen Artikel verstéisst géint Artikel 19 vun der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter: *All Mënsch huet d'Recht op fräi Meenungsäusserung! Dëst Recht ëmfaasst d'Fräiheet seng Meenung ze verbreeden an d'Meenung vun aneren ze héieren. Domat verbitt den Artikel 19 eng staatlech Zensur*.

De Winston Churchill sot emol: „**Demokratie ass d'Noutwennegkeet, sech geleeëntlech den Usiichte vun anere Leit ze béien!**" Oder si mer dann net méi an enger Demokratie?

Bis elo loungen d'Falschinformatioune ganz kloer op hirer Säit, net op eiser. Vun eis gëtt et keen, deem et leed deet, sech déi Substanzen do net eragezunn ze hunn.

Seet „**plötzlich und erwartet**" iech eppes? Zemools bei jonke Leit, Sportler, Leit am beschten Alter vun hirem Liewen???

**Fro vun der Finanzsprëtz.**

D'WHO gëtt jo als ONG finanzéiert. Zu 80% gëtt se vu private Spender a Stëftunge finanzéiert, dorënner d'Bill & Melinda Gates Foundation, zweetgréisste Spender no den USA. Da kënnt d'GAVI, d'Impfallianz als Drëtten. Och d'Weltbank spent?!?

Lëtzebuerg huet 2020/2021 13,15 Milliounen Dollar ginn, an ass domat ënnert den Top Ten Bäitragszueler! Lëtzebuerg huet 15% vun hirer Aide publique aux développement zougesot, wou eppes iwwer 50 Milliounen€ am Joer 2022 un Organisatioune vun de Vereenegten Natioune goungen. Fir den CSU 2030 (Couverture sanitaire universelle) huet Lëtzebuerg fir déi 4. Phas 2022-2024 nach emol 8,8 Milliounen Euro versprach. A Lëtzebuerg gëtt 1% vum Brutto-Nationalakommes, woubäi d'UN nëmmen 0,7% virschreift.

**Weess de Steierzueler dat?**

**Meng Froen elo un Iech, Volleksvertrieder:**

- Firwat géif eng Natioun **seng Souverainitéit un eng Organisatioun ofginn**, déi gréisstendeels vu Gesellschaften a selwer ernannte Philantrope finanzéiert gëtt a gemeinsam mat anere Memberstaate regéiert, vun deenen d'Hallschent net emol eng oppen an transparent Demokratie sinn mat engem Direkter un der Spëtzt, deen enger terroristescher Organisatioun ugehéiert a just dank senger éiweger Immunitéit do nach sëtzen däerf, a sech där hire Befeeler ze béien huet?

- Firwat wéilt **Lëtzebuerg** esou eppes maachen?

- D'Regierunge gi **géint d'Interesse** vun hire Bierger. Mir wëllen e **Referendum**!

- Erkläert wgl. de Lëtzebuerger an den Awunner **Är Definitioun vu Souverainitéit** an dem demokratesche Prozess vum ausdréckleche Befroe vun der ëffentlecher Zoustëmmung? **Referendum!**

- Firwat widderhuelen d'Regierungen an d'Medien d'Zousécherunge vun der WHO iwwer déi éierlech Natur vum Internationale Vertrag zur Pandemiepreventioun, wou mir hei kloer beleeë kënnen, datt dat **net wouer ass**?

- Gitt Dir dovun aus, datt Dir an déi zukünfteg Ministeren net fäeg, net kompetent an net kapabel sidd, **fir am Eeschtfall déi richteg Entscheedunge** fir Äert Vollek ze treffen an dofir eng WHO braucht?

- Wéini gesäit d'Vollek dës Dokumenter? **Verflicht Dir Iech** déi Dokumenter oppenzeleeën a wéi eng vun den Ännerungen Dir zoustëmmt a wéi engen net?

- Wien ass **responsabel** fir, fir Lëtzebuerg, ze verhandelen?

- Wien ass den **Delegéierte bei der WHO** fir Lëtzebuerg?

- Firwat ass de Büro vun der WHO zu Lëtzebuerg **AM Gesondheetsministère**? Wéi vill Leit sëtzen do an deem Büro a wat maachen déi Persounen?

- Schafft déi Persoun, déi fir eis ofstëmmt a verhandelt **an eisem aller Numm**? Da wéisste mer jo awer eppes dovun, oder net?

- Wéini diskutéiert d'Chamber iwwer dës Dokumenter a stëmmt offiziell **iwwer all Punkt eenzel of**?

- Ass et normal, datt **196 ongewielt, onverantwortlech an onbekannt Delegéiert** déi ongewéinlech Autoritéit kréien, internationaalt Recht ze änneren, just andeem si zoustëmmen?

- **Keng Ënnerschrëfte** vu Presidenten, Premier-Ministeren a keng Zoustëmmung vu Parlamenter, Kongresser oder Senater gi gebraucht.

➔ **18 Méint Onkenntnis, Ignoranz, a Stëllschweigen an Aussëtze** ginn duer, fir datt d'Ännerungen un den Internationale Gesondheetsvirschrëften a Kraaft trieden.

Awer ënner **Artikel 61 vun den IHR** steet, datt all Natioun eng oder all d'Ännerunge verwerfe kann! Firwat **debattéiert Dir** dat net ëffentlech an der Chamber a stëmmt of. A wéini?

- Wéini gi mir **eraus aus der EU** a ginn erëm souveräin an eisen Entscheedungen a loossen eis keng Virschrëfte vun demokratesch ongewielte Leit maachen?

- Wéini gi mir **eraus aus der WHO**, an treffen Entscheedungen iwwer eis Gesondheet eegebestëmmt a fräi an individuell a loossen eis keng Virschrëfte vun demokratesch ongewielte Leit maachen?

- Wéini gi mir **aus der WEF** eraus a loossen eis näischt diktéieren vun demokratesch ongewielte Leit?

**Mat deene gespuerte Sue** kéint een am Ländche vill fir d'Gesondheet maachen, mengt Dir net?

- Wéini gëtt an eiser sou oft genannter „Demokratie" d'Vollek gefrot? Wéi wier et mat engem **Referendum fir den Dossier WHO**, wou de Bierger iwwer all Ännerung gefrot gëtt, ob en dat fir sech, seng Famill, Kanner an Enkelkanner wëll?

**Léif Politiker,**

Senger eegener Dignitéit gëtt Ausdrock, wien d'Dignitéit vun anere Mënsche respektéiert. Sot de Richard von Weizsäcker.

Dir sidd net allmächteg. Dir hutt näischt iwwer eis ze bestëmmen. An och net fir eis ze entscheeden. Scho guer net wann et ëm eis Fräiheet geet.

**Léif Matbierger,**

Dir gesitt, et huet wäit **méi wéi 10 Minutte** gebraucht.

**Demokratie heescht Muecht vum Vollek**. Jidderee vun eis ass Deel vum Vollek. Muecht bedeit Verantwortung. Jidderee vun eis muss sech bewosst sinn, datt e matverantwortlech ass, och fir dat gesamt politescht a wirtschaftlecht Geschéien. Dat sot de Konrad Adenauer.

Mir hunn awer näischt ze soen. De **Maulkuerf** hate mer jo och schonn opgedoe kritt.

Si maachen op an zou, **wa si wëllen**. Si spären d'Butteker op an zou, **wa si wëllen**. Si maache Reegelen, **wéi et hinne passt**. Eng Flack Schnéi a mir maachen d'Schoulen zou! 2 km an der Stonn ze séier an du hues e Protokoll. Si soen eis, wéi vill Kraaft eise Staubsauger a wéi brong eis Fritten däerfe sinn. Si soen eis wat fir en Auto a wéi eng Heizung mer kafen däerfen. Mat **EISE** verdéngte Suen. Si féieren eis **wéi kleng onmündeg Kanner**.

**Mir sinn all fräi gebuer**. Et  geet duer mat Aschränkungen.

**Mir hunn all e fräie Wëllen**.

**Mir dierfen eis net versklave loossen**.

Mir si **mündeg** fir schaffen ze goen, fir Auto ze fueren, fir Steieren ze bezuelen, fir en Haus ze kafen, fir Gesetzer anzehalen, awer net fir op eis Gesondheet opzepassen?

Fir ze **bestëmmen**, wat eisem Kierper gutt deet a wat net?

Mir dierfen eis d'Liewen huelen awer mir dierfen net entscheeden, ob mer e Schnäppchen oder en Héischti kréien, a vläicht esouguer dru stierwen, wa mer virdru scho geschwächt waren?

**Mäin Immunsystem** ass gëttlech perfekt. Mäi Kierper funktionéiert a koordinéiert alles vu ganz eleng. **Ech brauch keng WHO**! An Dir och net!

Keen op dëser Äerd ass d'selwecht, keng DNA ass d'selwecht, kee Fangerofdrock ass d'selwecht, keng Iris ass d'selwecht, **awer eng Sprëtz fir se all?** Eng Léisung fir se all?

Wéi gesot, my body, my choice, esou guer my life my choice, **my health my choice**!

Dëse ganzen Drama, Angscht a Panik déngt nimools eiser Gesondheet, si hu sech nach ni Suergen ëm eis Gesondheet gemaach.

Et déngt just der **Pharma, der Héichfinanz, de Philantropen** an all deenen aneren, déi fläisseg Propaganda maachen!

Déi Geléiert, oder déi, déi sech esou dohistellen, ware fréier scho **Pharisäer an Heuchler**. Si hu Waasser gepriedegt a Wäi gesoff. Vu baussen erausgefiizt, vu banne voller Wierm.

**Loosst Iech net verféieren an täuschen.**

**Stéi op, Lëtzebuerg!**

**Grousses entsteet ëmmer aus eppes Klengem!**

**Eraus aus der WHO.**

**Eraus aus der EU.**

**Eraus aus der NATO.**

**Fir Eegebestëmmung.**

**Fir Souverainitéit.**

**Fir Fräiheet.**

Merci.

Tania Hoffmann

